



## Eng Generalversammlung a Corona-Zäiten

Vum Mäerz 2020 un liewe mir an enger Zäit, déi fir esou munnech Ännerungen an eisem Liewe mat senge Gewunnechte gesuert huet.

D'Auswierkunge vum Corona-Virus, offiziell Covid-19-Pandemie genannt, huet villes op d'Kopp gehäit an och eis A.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek“ net verschount. Mir hu geplangt a vill organisatoresch Virbereedungsarbechte geleescht, awer leschten Enns huet alles wéinst de sanitäre Virschrëfte mat hire Limitatioune missten ofgesot ginn.

Esou ass et och eiser Generalversammlung ergaangen, déi normalerweis all Joer am éischten Trimester an engem méi grouse Kader ofgehale gouf. Déi hygienesch Aschränkungen wéinst Covid-19 hu leider keng esou eng Versammlung mat physischer Präsenz vun eise Memberen zougelooss. Well mir als A.s.b.l. awer all Joer eng Generalversammlung ofhale mussen, hu mir op déi Méiglechkeeten zréckgegraff, déi äis d'Covid-19-Gesetz vum 20. Juni 2020 bitt, duerch dat engersäits den Delai fir d'Ofhale vun d'Joresversammlunge vu Gesellschaften verlängert an anerersäits aner

organisatoresch Organisatiounsforme méiglech gemat gi sinn.

An deem Sënn loose mir lech dës Extranummer vun eisem Bulletin mam ganzen Dossier vun der Generalversammlung vum Joer 2020 zoukommen. Mat enger Äntwertkaart, déi bei dësem Bulletin läit, huet all Member d'Méiglechkeet, bannent engem Délai vun zwou Wochen Stellung zu den eenzelne Berichter a Virschléi ze huelen. Fir déijéineg Memberen, déi sech bannent deem Zäitraum net gemellt hunn, gëtt ugeholl, datt sie dem Büro Entlaaschtung fir d'Joer 2020 ginn.

De Verwaltungsrot vun eiser A.s.b.l. war den 18. Juni 2021 am enke Krees zesummen an huet all Berichter eestëmmeg ugeholl. Bei derselwechter Geleeënheet konnte mir iwwregens zwee nei Kandidate fir de Verwaltungsrot begréissen, an zwar de Colonel Pascal Ballinger als Vertrieeder vun neien Arméichef Steve Thull an de Generol Alain Duschène, fréiere Chef d'État-Major.

Mir zielen op Ärt Versteesdemech a soe Merci fir Är Trei zur Militärmusek!

Fir den Exekutivbüro,

Josy Lorent

Präsident

# Assemblée générale ordinaire 2021

« par écrit » conformément aux dispositions des articles 1. et 7.1. de la loi du 20 juin 2020 portant prorogation des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les personnes morales.

## Ordre du jour :

1. Allocution du président (page 3)
2. Rapport d'activité pour l'exercice 2020 (page 4-5)
3. Rapport de caisse pour l'exercice 2020 (page 6)
4. Rapport des réviseurs de caisse (page 6)
5. Discussion des rapports et décharges  
à donner (page 7)\*
6. Élection des réviseurs de caisse (page 7) \*
7. Présentation du programme et du budget prévisionnel  
pour 2021 (page 8)
8. Fixation de la cotisation 2022 Page 8) \*
9. Divers (page 8)\*

\* les interventions des membres en ce qui concerne ces points de l'ordre du jour se font par écrit moyennant formulaire annexé au présent bulletin – les membres qui ne se manifestent pas par écrit donnent approbation tacite !

## 1) Begréissungsried vum Präsident Josy Lorent

Fir d'éischt wëll ech e puer Erklärungen zur Form vun dëser Generalversammlung ginn. No der leschter Generalversammlung, déi de 6. Mäerz 2020 nach an der gewinnter Form konnt ofgehalen ginn, koum deen duerch den Ausbruch vun der Covid-19-Pandemie bedéngte Lockdown. Et ass zu ëmmer méi Virschrëften a sanitären Aschränkungen komm, déi all eis Pläng an organisatoresch Virbereedungsarbechte gehéierlech duerchernee bruecht a leschten Enns onméiglech gemat hunn.

Mir hunn trotzdem mat Optimismus weider geplangt a geschafft. Sou koumen zum Beispill zwou Ausgabe vum Bulletin „En avant... marche!“ eraus an déi drëtteditioun geet op dës Generalversammlung an. Besonnesch hu mir äis op d'Organisation vum Gedenkconcert „Dankbar Erënnerung un den André Reichling“ fir den 13. Juni 2021 an der Philharmonie konzertéiert. Well et do zu kengem Accord tëschent der Philharmonie, déi hier eegen allgemeng Virstellungen fir Ausnahmeregelungen am Covid-19 Konzept hat, an dem Gesondheitsministère, deen säi „Protocole sanitaire“ uwenne wollt, komme konnt, fir dass déi vun äis ugestriewten Zuel vu 500 Leit am groussen Auditoire hätte kënnen derbäi sinn, hu mir de Concert fir d'zweete Kéier ofgesot. Den Exekutivbüro war nämlech eestëmmeg der Meenung, datt et onwierdeg gewiescht wär, fir un déi grouss Verdéngschter vum laangjähregen Dirigent vun der Militärmusek virun engem Public vun nëmmen 150 Leit z'erënnern. Am drëtt Ulaaf soll dës Concert, deen eng éischte Kéier fir de 17. November 2020 geplangt war, elo den 28. Februar 2022 an der Philharmonie hoffentlech virun engem méi groussen Public nogeholl ginn.

Méi Detailer iwwert déi aner Aarbechte vum Exekutivbüro gëtt de Sekretär Nello Zigrand a sengem Tätigkeetsbericht.

Nieft dem André Reichling hat d'Militärmusek awer och nach den Doud vum Haffkapellmeeschter Pierre Nimax ze bekloen, deen d'Frënn vun der Militärmusek nach kuerz virun an der Fondation Pescatore bei Geleeënheet vu sengem 90. Gebuertsdag geéiert haten. Fir dës zwee verdéngschtvoll Dirigente vun der Militärmusek an och fir all d'Membere vun de „Frënn vun der Militärmusek“, déi äis am Laf vum Joer 2020 fir ëmmer verlooss hunn, bidden ech ëm eng Gedenkminutt.

Ernimme wëll ech awer och, dass mir eisem Eierepräsident Jean Spautz zesumme mat enger Delegatioun vun der Militärmusek doheem zu Schëffleng fir säin 90. Gebuertsdag gratuléiert hunn.

Onbedéngt ënnersträiche well ech déi gutt Zesummenaarbecht als Team am FvMM-Exekutivbüro an déi grad esou gutt Kooperatioun mam Dirigent Jean-Claude Braun a sengem Adjoint Christian Kirpes a mat der Direktioun vum Museksconservatoire vun der Stad Lëtzebuerg.

Am Verwaltungsrout vun de „Frënn vun der Militärmusek“ kënne mir zwee nei Membere begréissen, an zwar de Colonel Pascal Ballinger als Verrieder vum neie Chef d'État-major Steve Thull an de General Alain Duschène, fréieren Arméichef, deen den Exekutivbüro op Grond vun Artikel 16 vun eise Statute proposéiert hat an deen dës nei Aufgab gären ugeholl huet.

Ofschléissend kann ech versécheren, dass mir weider mat Freed an Engagement, virun allem awer och mat Optimismus fir d'Militärmusek schaffe wëllen, an dat besonnesch am Joer 2022, wou et de 25. Gebuertsdag vun de „Frënn vun der Militärmusek“ ze feiere gëllt.

## 2) Aktivitéitsrapport vum Sekretär Nello Zigrand

- 1) **29. Jan 2020:** Am Stater Conservatoire, Concert de Bienfaisance vun der Arméi.  
Organiséiert vun der ARMÉI, LCTO, FVMM a CVL fir «Special Olympics Luxembourg». D'Asbl huet d'Invitatiounen gedréckt a bezuelt an e Stage vu jonke Museker organiséiert mat, nom Concert, enger Remise vun Diplomen un eng Rekordzuel vu 39 Stagiairen.
- 2) **06. Mäerz 2020:** «Assemblée Générale 2019» vun onser Asbl an der Militärmusek mat lessen op der Plaz.
- 3) **13. Mäerz 2020:** *Ufank vun der Corona-Pandemie. Welt ännert, och fir FVMM a fir d'Militärmuseker. E puer Méint ware keng Reunioun vum Büro. Alles gouf iwwer Mail an Tel gemaach.*
- 4) **07. Sept 2020:** Stierffall vum Frënd Änder Reichling. E Noruff vum President gëtt vun der Asbl am Lëtzebuurger Wort publizéiert an am Bulletin 01/2021. Och an deem Bulletin, ass ze fannen e Noruff vum Sekretär mat Fotoen iwwer de Kolleg Änder Reichling.
- 5) **10. Sept 2020:** Gratulationen vum Büro zu Schëffleng fir den 90. Gebuertsdag vun onsem Éierepresident Jean Spautz.
- 6) **17. Sept 2020:** Réunion an der Philharmonie mat der Event Managerin Andrea Gomes, ënnert anerem, fir eng "Dankbar Erinnerung fir den Änder Reichling".
- 7) **24. Sept 2020:** Gléckwësch vum Büro a vun der Militärmusek, an der Fondatioun Jean-Pierre Pescatore, fir de 90. Gebuertsdag vum Hofkapellmeeschter Pierre Nimax.
- 8) **08. Okt 2020:** Reunioun vum Büro an der Militärmusek.
- 9) **27. Okt 2020:** Reunioun am Conservatoire zu Lëtzebuerg fir d'Organisatioun vum Concert de Bienfaisance vun der Arméi fir de 26. a 27. Jan 2021. Dëse Concert war geduecht fir Tricentenaire Fondatioun.  
*NB: LCTO organiséiert déi Concerten an der Zukunft net méi, awer de «Service Espace public, Fêtes et Marchés» vun der Stad Lëtzebuerg. D'Asbl iwwerhëlt Drécke vun den Invitatiounen, d'Organisatioun vun engem Stage mat jonke Museker a kënnt derbäi, Kollekt vun den Donen iwwer onse Konto. De Conservatoire spillt an Zukunft eng méi grouss Roll wat Publicitéit ugeet a fir «Mise à disposition» vum Auditoire. Den Här Roby Schuller gouf transferéiert vum LCTO an de « Services Espace public, Fêtes et Marchés ».*

- 10) **10. Nov 2020:** Réunioun mat den Organisateur fir de Concert de Bienfaisance vu Januar 2021. Dëst am Conservatoire zesumme mat der Direktioun vum Tricentenaire.
- 11) **17. Nov 2020: De** Concert "Dankbar Erënnerung fir de LtCol André Reichling" wéinst der Corona-Pandemie reportéiert op den 13. Juni 2021 (fir nees reportéiert ze ginn op 2022). A wéi huet so schéin de President geschriwwen am Virwuert vum Bulletin 01/2021 «*Trotz allem optimistesche an d'Zukunft!*»
- 12) **Nov. 2020:** Démarchë fir d'Produktioun an d'Autorisatioun bei der SACEM fir Drécke vum 2te CD «Märsch gespillt vun der Lëtzebuerger Militärmusek». CD déi ons Memberen als « Cadeau de fin d'année 2020 » krute mam Bulletin vu Januar 2021.

**NB. Et goufen 2020 folgend Manifestatiounen ofgesot, wou mir mat organiséiere sollten:**

- Scheckiwerréechung fir d'Fondatioun "Special Olympics" de 27. Mäerz 2020 an der Gemeng gouf annulléiert an d'Kollekt gouf iwwerwies fir e Gesamtbetrag vun 9.434,50 €  
(Detail : 1.475 € Virementer un Special Olympics a 7.959,50 € Recetten iwwer Luxembourg Ticket).
- De Concert am Artikuss mam Gaaschtdirigent a Komponist Jan van der Roost huet 2020 och net stattfonnt.
- Concert fir déi 90 Joer vum Pierre Nimax Senior zu Bartreng, den 22. Sept 2020 gouf vun der Gemeng Bartreng op 2021 reportéiert.

Merci fir de flotten Equipe Geescht deen am Büro herrscht. Dëst gëllt och fir de Bulletin ze schreiwen, ze verbesseren, fir de flotte Layout.

Vu mir aus a spezielle Merci dem Emile Noesen an dem Martin Bohler aus dem Büro a bei der UGDA dem Raoul Wilhelm.

Merci dem Här President fir seng flott Bréiwer a Mailen, déi ons encouragéiert hunn net opzeginn trotz der Pandemie. Och wa mir ons 2020 net vill konnte gesinn, war Organisatoresch viles ze maachen, ze schreiwen an ze publizéieren.

### 3) Finanzbericht vum Trésorier Emile Noesen

"D'Frënn vun der Militärmusek" asbl			
<u>DECOMPTE 2020</u>			

	Dépenses	Recettes	Excédent
1 Cadeaux	2 843,84	0,00	-2843,84
2 Bulletins d'information	1 222,61	0,00	-1222,61
3 Frais de bureau	2 030,80	0,00	-2030,80
4 Frais d'envoi	70,72	0,00	-70,72
5 Opérations financières	1 030,60	919,52	-111,08
6 Manifestations	7 848,05	5 972,41	-1875,64
7 CD's et frais d'enregistrement	125,00	803,00	678,00
8 Cotisations	402,56	12 395,00	11992,44
9 Divers	779,51	402,00	-377,51
10 Dons	0,00	180,00	180,00
<b>Total</b>	<b>16 353,69</b>	<b>20 671,93</b>	<b>4318,24</b>

#### Situation financière au 31/12/2020

Report de l'exercice 2019	65 054,54
---------------------------	-----------

Résultat de l'exercice 2020	4 318,24
-----------------------------	----------

<b>Avoir (Report exercice 2021)</b>	<b>69 372,78</b>
-------------------------------------	------------------

Caisse	980,00
CCPL	23 827,68
BGLL-CC	2 127,58
BGLL-CE	42 437,52

<b>Total Caisse et Banques</b>	<b>69 372,78</b>
--------------------------------	------------------

Certifié exact - Bascharage, le 5 avril 2021  
 Le trésorier,  
 (s. Emile Noesen)

Vu et contrôlé - Luxembourg, le 23 avril 2021  
 Les contrôleurs,  
 (s. Pierre Christen et Gilbert Holzem)

## 4) Bericht vun de Keeserevisoren Pierre Christen an Gilbert Holzem

Freides, den 23. Abrëll um 18 Auer, hu mir eis an engem Sall vun der Militärmusek mam Emile zesumme gesaat, fir d'Finanze vum leschte Joër ënnert d'Lup ze huelen. Déi iwwersichtlech Präsentatioun vu senge Bicher huet eis d'Aarbecht méi liicht gemach, a wann awer emol eng Fro war, konnt hien eis ëmmer déi néideg Explikatiounen gin. Mir hu kee Grond, iergend eppes ze kritiséieren.

Duerfir proposéiere mir der Assemblée, fir eisem Keessier Emile Noesen d'Décharge fir d'Joër 2020 ze gin.

## 5) Diskussioun an Décharge vun dëse Berichter

\* l'intervention des membres en ce qui concerne ce point de l'ordre du jour se font par écrit moyennant formulaire annexé au présent bulletin – les membres qui ne se manifestent pas par écrit donnent approbation tacite !

## 6) Wiel vun de Keeserevisoren

D'Keeserevisoren Pierre Christen an Gilbert Holzem kënnen fire weidert Joër vun der Generalversammlung bestätegt gin.

\* l'intervention des membres en ce qui concerne ce point de l'ordre du jour se font par écrit moyennant formulaire annexé au présent bulletin – les membres qui ne se manifestent pas par écrit donnent approbation tacite !



## Gitt Member bei de « Frënn vun der Militärmusek »

Recommandéiert w.e.g. äere Frënn a Bekannten, fir Member ze ginn

D'Frënn vun der Militärmusek sinn e Genre « Supporterclub »,

- deen e bësse méi speziell Concerten organiséiert,
- Solisten engagéiert,
- CDen oder DVDen produzéiert,
- der Musek déi Equipementer keeft, déi de Staat der Musek net bezillt.

Als Member huet een eng Rei vu Virdeeler :

- besser Präisser bei Concerten, déi vun der Asbl organiséiert ginn,
- d'Organisatioun vun der Rees bei Concerten am Ausland,
- e gratis CD als Cadeau um Joresenn,
- de Bulletin « En avant ... marche! » (Publikatioun 4x pro Joer),
- eng frëndschaflech Ambiance ënner Melomanen.

### Wéi kann ech Member ginn?

Duurch Iwwerweisung vun 25,00 € op de folgende Kont vun den "Amis de la Musique militaire" mat der Mentioon « Neie Member » :

**CCPLLULL – LU19 1111 1371 3776 0000**

Besicht och eisen Internet-Site [www.fvmm.lu](http://www.fvmm.lu) fir déi lëscht Neiegkeeten vun eiser Associatioun a vun der Militärmusek.

## 7) Virstellung vum Programm a vum Budget fir d'Joer 2021

De Präsident Josy Lorent stellt ënnert der Reserv vum enger Verbesserung bei der Entwécklung vum der Covid-19-Pandemie kuerz dees Programmpunkte fir dat lafend Joer an doriwwer eraus vir: Organisatioun vum engem Concert zu Éiere vum verstuerwenen Haffkapellmeeschter Pierre Nimax eventuell zesumme mat der Maîtrise an der Kathedral vu Lëtzebuerg - Neien Ulaf fir de Gedenkconcert „Dankbar Erënnerung un den André Reichling“ an der Philharmonie (als neien Datum ass den 28. Februar 2021 ëm 20 Auer virgesinn) - Als „Cadeau de fin d'année“ gëtt am Januar 2022 zesumme mam Bulletin „En avant... Marche!“ eng CD mat deene verschiddenen Ensemblen vum der Militärmusek verschéckt - Sich no enger Méiglechkeet fir d'Organisatioun vum engem Open Air Concert op enger Bühn op der „Kinnékswiss“ am Stater Park - Fundamental Erneuerung vum Internet-Site vum der „Frënn vum der Militärmusek“ am Sënn vu méi Aktualitéit - Virbereedung vum 25. Anniversaire vum der A.s.b.l. „d'Frënn vum der Militärmusek“ am Joer 2022 mat ënnert anerem der Patricipatioun vum engem auslänneschen Orchester.

Den Trésorier Emile Noesen mécht dës finanziell Prognosen am Kader vum der Virstellung vum Budgetsprojéit fir 2021:

<b>"D'Frënn vum der Militärmusek" asbl</b>			
<b>BUDGET 2021</b>			
	<b>Dépenses</b>	<b>Recettes</b>	<b>Excédent</b>
<b>1 Cadeaux</b>	<b>1 533,83</b>	<b>0,00</b>	<b>-1 533,83</b>
<b>2 Bulletins d'information</b>	<b>2 384,95</b>	<b>0,00</b>	<b>-2 384,95</b>
<b>3 Frais de bureau</b>	<b>1 619,07</b>	<b>0,00</b>	<b>-1 619,07</b>
<b>4 Frais d'envoi</b>	<b>173,74</b>	<b>0,00</b>	<b>-173,74</b>
<b>5 Frais généraux</b>	<b>481,10</b>	<b>388,08</b>	<b>-93,02</b>
<b>6 Manifestations</b>	<b>9 275,96</b>	<b>7 634,14</b>	<b>-1 641,82</b>
<b>7 CD's et frais d'enregistrement</b>	<b>591,67</b>	<b>662,67</b>	<b>71,00</b>
<b>8 Cotisations</b>	<b>866,91</b>	<b>12 780,00</b>	<b>11 913,09</b>
<b>9 Divers</b>	<b>455,73</b>	<b>134,00</b>	<b>-321,73</b>
<b>10 Dons</b>	<b>3 500,00</b>	<b>4 011,33</b>	<b>511,33</b>
<b>Totaux</b>	<b>20 882,95</b>	<b>25 610,21</b>	<b>4 727,27</b>

### Situation financière au 31 décembre 2021

<b>Report de l'exercice 2020</b>	<b>69 372,78</b>
<b>Résultat de l'exercice 2021</b>	<b>4 727,27</b>
<b>Avoir - Report exercice 2022</b>	<b>74 100,05</b>

## 8) Festsetze vum Joresbäitrag fir 2022

Am Numm vum Exekutivbüro proposéiert de Präsident Josy Lorent, d'Cotisatioun fir dat nächste Joer bei 25.-€ ze beloossen. De Verwaltungsrot war mat dësem Virschlag averstanen.

\* l'intervention des membres en ce qui concerne ce point de l'ordre du jour se font par écrit moyennant formulaire annexé au présent bulletin – les membres qui ne se manifestent pas par écrit donnent approbation tacite !

## 9) Verschiddenes

\* l'intervention des membres en ce qui concerne ce point de l'ordre du jour se font par écrit moyennant formulaire annexé au présent bulletin – les membres qui ne se manifestent pas par écrit donnent approbation tacite !



# Assemblée générale ordinaire 2021

## Formulaire de réponse

### **Point 5 de l'ordre du jour – Discussion des rapports et décharges à donner**

Oui*	Non*	Remarque
<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>	

\*mettre une croix dans la case correspondante

### **Point 6 de l'ordre du jour – Election des réviseurs de caisse**

Oui*	Non*	Remarque
<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>	

\*mettre une croix dans la case correspondante

### **Point 8 de l'ordre du jour – Fixation de la cotisation 2022**

Oui*	Non*	Remarque
<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>	

\*mettre une croix dans la case correspondante

### **Point 9 de l'ordre du jour – Divers**

Remarque/Suggestions

**La réponse écrite par ce formulaire n'est pas obligatoire – les membres qui ne se manifestent pas par écrit donnent approbation tacite !**

Le présent formulaire est à envoyer, dans une enveloppe dûment affranchie, à l'adresse suivante :

D'Frënn vun der Militärmusek a.s.b.l.  
c/o M. Nello Zigrand  
3, Cité Äischdall  
L-8480 Eischen

**Dernier délai: mercredi, le 15 juillet 2021 (le cachet de la poste faisant foi)**